Groupe parlementaire

Här Fernand Etgen

President vun der Deputéiertechamber

19, um Krautmaart

L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 13. Februar 2023

Här President,

esou wéi d'Chambersreglement et virgesäit, bieden ech lech, dës parlamentaresch Fro un den Här Verkéiersminister weiderzeleeden.

Esou wéi et am Artikel "*Ciel Changeant*", deen den 20. Januar am Lëtzebuerger Land publizéiert gouf, heescht, stellen ëmmer méi Fluchgesellschaften hir Annoncen op eng geschlechtsneutral Sprooch ëm. D'Passagéier ginn net méi mat "*Dir Dammen an Dir Häre*n" mee just nach als "*Léif Passagéier*" ugeschwat. Och d'Luxair huet hir Annoncë mëttlerweil an deem Sënn ofgeännert. Dës Politik spigelt eng Ideologie rëm, déi all natierlech Ënnerscheeder tëschent Mann a Fra negéiert an de Leit ariede wëll, datt déi biologesch Geschlechter eng sozial Konstruktioun duerstellen.

An deem Zesummenhang géif ech dem Här Verkéiersminister gär dës Fro stellen:

1) War de Staat als Aktionär vun der Luxair un dëser Decisioun bedeelegt? Gouf si am Verwaltungsrot beschwat oder war dat eng Decisioun vun der Direktioun? Wéi gouf si motivéiert?
2) Falls de Staat als Aktionär un där Decisioun bedeelegt war, kann den Här Minister elaboréieren, ob a firwat d'Regierung dëse Verzicht op déi traditionell Uried matgestëmmt huet?
3) Wëll d'Regierung am Verwaltungsrot dofir antrieden, datt déi traditionell Uried "Dir Dammen an Dir Häre" op de Luxair-Volen nees ageféiert gëtt?

Mat déiwem Respekt,

Fernand Kartheiser
Deputéierten